N°789
Entrée le 27.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Sport weiderzeleeden.**

D'ING ass hei am Land bekannt duerch säin Netz u Bankagencen, mee virun allem duerch säi Marketing, sief et duerch d'Publicitéit um Findel oder och mam Sponsoring vu Sport-Eventer, wéi dem ING-Night Marathon oder dem Semi-Marathon op der Wäistrooss, déi all Joer stattfannen a wou d'Allgemengheet duerch den CGDIS an d'Police mat fir d'Sécherheet bezuele muss.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°6332 krute mer d'Informatioun, dass eleng d'Käschte vum CGDIS fir dat Event 28.000€ héich waren an dës vum Staat souwéi der Gemeng finanzéiert goufen. Wéi héich waren d'Käschte fir den CGDIS fir den ING-Marathon dëst Joer a wéi héich waren se fir de leschte Semi-Marathon op der Wäistrooss 2023?
2. An der Äntwert op d'Fro 6332 gouf erkläert, datt aus Sécherheetsgrënn keng operationell Informatiounen zur Police kënne veröffentlecht ginn. Kënnen d'Ministeren awer bestätegen, dass d'Police-Effektiver wéinst dësem Event hu missten ëmorganiséiert ginn?
3. Kënnen d'Ministeren och soen, op zu deem Dag méi Polizist:innen an der Stad präsent waren?
4. Goufen d'Käschte vun der Police un d'ING weiderverrechent?

Mat déiwem Respekt,

| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc | POLIDORI Ben |
|---|---|---|
| Deputéierten | Deputéierten | Deputéierten |